

Här Mars Di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Abrëll 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Unterrechtsminister, un den Här Héichschoulminister an un den Här Kulturminister weiderzeleeden.

*An der Vergaangenheet wor Rieds vun der Aféierung vun engem Cours iwwer d'Lëtzebuenger Literatur (an deenen dräi Sproochen) a Kultur um Niveau vun der 2ème am Secondaire. Besonnesch an der leschter Regierung sinn eng Rei Virbereedungsarbechten an déi Richtung gemaach ginn.*

*Duerzou wéilt ech den Häre Ministeren dës Froe stellen:*

- 1) Bleift d'Regierung drun interesséiert e lëtzebuergesche Literatur-Cours am classesche Lycée anzeféieren?*
- 2) Ass d'Regierung der Meenung, datt e gudden Sproochenunterricht och ëmmer soll Wëssen iwwer d'Gesellschaft, d'Kultur an d'Literatur mat vermëttelen?*
- 3) Ass dës Regierung der Meenung, datt e Cours iwwer déi Lëtzebuenger Kultur a Gesellschaft soll an de Lycéeën, z. B. op 2ème, ageféiert ginn? Wa jo, wéini, op wéi engem Niveau a mat wéi engen Inhalter?*
- 4) Wéi en didaktescht Material géing fir esou e Cours elo schonn zur Verfügung stoen? Wat misst eventuell nach ausgeschafft ginn?*
- 5) Wéi sollen d'Professeren optimal drop virbereet gi fir esou e Cours ze halen?*
- 6) Denkt d'Regierung drun eng Zesummenaarbecht tëschent der Uni Lëtzebuerg (wou et, nieft der "Formation continue Lëtzebuenger Sprooch a Kultur" (FCLSK), zënter 2009 e Master an der Luxemburgistik gëtt, deen (och) op de "Professeur de luxembourgeois" am Secondaire préparéiert), dem IFEN (Institut de formation de l'Éducation nationale) an dem INL (wou et nieft dem "Zertifikat Lëtzebuenger Sprooch a Kultur" (ZLSK) schonn zënter Joren e Cours "Lëtzebuenger Gesellschaft a Kultur" gëtt) unzestriewe fir datt méiglechst vill Enseignanten un esou Course kënnen deel huelen, dëst och am Kader vun der Formatioun continue?*
- 7) Wat mécht d'Regierung fir de Lëtzebuergesch-Unterricht op deenen ënneschte Klassen am Lycée opzewäerten? Kéinten hei d'Efforten net nach verstärkt gi fir dem Lëtzebuergesch an de Beräicher Sprooch, Literatur a Kultur méi en héije Stelleväert ze ginn?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser  
Deputéierten



Luxembourg, le 6 juin 2016

Affaires générales

Monsieur le Président de la Chambre des  
Députés  
19, rue du Marché-aux-Herbes  
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune du Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et du Secrétaire d'État à la Culture à la question parlementaire N° 2044 du Député Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

An eise Grondschoulen a Lycéeë kritt de Schüler déi Lëtzebuenger Literatur vermëttelt.

An der Grondschoul sinn et déi zwee Bänn vum „*Lies a Fléi*“, déi mat allkéiers knapp 100 Texter vun 30 bis 40 verschiddenen Auteurs de Kanner Liesen op Lëtzebuergesch méi no bréngen. De Band 1 ass fir déi méi Kleng, de Band 2 fir déi méi Grouss. Déi Bicher si ganz schéin illustréiert an iwwerhaupt flott presentéiert. Et kritt een se leider net an de Librairien, well fir verschidden Texter de Ministère just d'Autorisatioun krut, se intern an de Schoulen ze publizéieren.

Op den ënneschte Klasse vum Secondaire classique an technique ass d'Buch „*Lies de bal*“ en obligatorescht Schoulbuch am Fach Lëtzebuergesch an am Fach Däitsch-Lëtzebuergesch.

„*Lies de bal*“ ass e Buch mat iwwer 40 Texter a Lëtzebuenger Sprooch. Dat sinn Extraiten aus Bicher oder Theaterstécker, awer och Kuerzgeschichten, Gedichter, Lidder an Auszich aus Bande-dessinéeën. Et huet 200 Säiten an ass och schéin illustréiert. Dat Liesbuch ass vun engem Aarbechtsgrupp vum SCRIPT ausgeschafft ginn, mat der Berodung vum Lëtzebuenger Literaturzenter an dem Institut national des langues.

„*Lies de bal*“ ass net nëmmen e Schoulbuch. Et ass an engems konzipéiert, fir den allgemengen Interessi fir d'Lëtzebuenger Literatur ze fërderen an d'Texter engem méi breede jonke Public zougänglech ze maachen. Et ass geduecht fir Jugendlecher am Alter vun 12 bis 15 Joer a gëtt an de Librairië verkaaft.

„*Literaresch Welten*“ ass eng Anthologie vun der Literatur zu Lëtzebuerg. Si ass realiséiert gi vum Educatiounsministère an dem Lëtzebuenger Literaturzenter. 2012 ass se op de Walfer Bicherdeeg virgestallt ginn.

Et ass e Buch vu 450 Säiten, dat e groussen Iwwerbléck gëtt iwwert d'Literatur zu Lëtzebuerg an deene verschiddene Sproochen. Tëschent den Texter ass d'Buch mat Fotoen illustréiert.

Am Ganze si 97 Texter vun 68 Auteuren an der Anthologie, Texter vu ganz ënnerschiddlechen Zorten: Kuerzgeschichten, Gedichter, Essayen, journalistesch Feuilletonen, Extraiten aus Romaner, Theaterstécker, Reesberichter, Tagebicher asw. Wat d'Sproochen ugeet, sinn Texter an deenen dräi offizielle Landessproochen dran, déi all an déi nei Orthographie gesat si ginn. D'Gewiichtung vun de Sproochen ass esou, datt méi däitsch Texter ewéi lëtzebuergesch oder franséischer dra sinn, ganz einfach well d'Auteuren zu Lëtzebuerg méi dacks op Däitsch geschriwwen hunn. 49 Texter sinn op Däitsch, 27 op Franséisch an 21 op Lëtzebuergesch. Et sinn och méi männlech Auteuren dran ewéi weiblecher, well méi Männer ewéi Frae publizéiert hunn. Vun deenen 68 Auteure si 14 Fraen, also ongeféier 20 Prozent.

D'Anthologie ass an zwou grouss Epochen ënnerdeelt: Den éischten Deel behandelt déi Texter, déi tëschent 1829 an 1949, den zweeten Deel déi, déi tëschent 1950 an 2010 geschriwwen gi sinn.

Et ass och en interessant Buch fir den allgemenge Public. Et sinn do Texter dran, déi méi jugendfrëndlech sinn, an Texter vun allgemengem literareschen a kulturellen Interêt. Dat Buch ass am fräie Verkaf an de Librairien.

D'Anthologie riicht sech un d'Schüler vun den ieweschte Klassen. Si steet als fakultatiiv Schoulbuch um Programm vu verschiddene Klassen an et gëtt recommandéiert, datt jeeeweils zwee Texter aus der Anthologie "*Literaresch Welten. Eng Lëtzebuurger Anthologie an dräi Sproochen*" solle gelies ginn. Doraus ginn och Texter ausgewielt, iwwer déi am Ofschlosssexame Froe kënnen gestallt ginn.

Op deenen ieweschte Klasse stinn och Wierker vu Lëtzebuurger Auteuren op de Lëschte vun de Bicher, déi d'Schüler kënnen oder solle liesen.

## **Ad 2)**

An der moderner Didaktik gëtt de Sproochenunterricht net vun der Kultur, der Literatur oder dem Wëssen iwwert d'Gesellschaft an d'Medie getrennt. De Konzept vun „Lëtzebuergesch als Friemsprooch“, wéi en an de Formatiounen FCLSK Formation continue „Lëtzebuurger Sprooch a Kultur“ vun der Uni Lëtzebuerg an ZLSK „Zertifikat Lëtzebuurger Sprooch a Kultur“ vum Institut national des langues (INL) vermëttelt gëtt, geet an déi Richtung.

Eng Sprooch kann net ofgeléist vun de literareschen, kulturellen a medialen Artefakten, de kreéierte Wierker, geléiert a vermëttelt ginn. Well all kulturell a literaresch Form ëmmer semiotesch (am wäiteste Sënn), a sproochlech (am enke Sënn) vermëttelt gëtt, ass et noutwenneg, Sprooch, Literatur, Kultur a Medien als eng Eenheet ze begräifen.

D'Wëssen iwwert d'Literatur an d'Kultur zu Lëtzebuerg ass net nëmmen e Bestanddeel vun der allgemenger Bildung, mee en noutwennegen Atout vun der sozialer Integratioun. Et ass

wichtig, datt d'Kanner an de Schoulen dat noutwennegt Wësse mat op de Wee kréien an datt den Interessi vun der Literatur- a Kulturlandschaft zu Lëtzebuerg an deenen dräi Sproochen ervirgeruff gëtt.

D'Wëssen iwwer Lëtzebuerg a säin Ëmfeld gehéiert als transversal Kompetenz an de Curriculum vun eise Schoulen an dofir ass och virgesinn, datt an d'Gesetz iwwert d'Reform vum Secondaire stoe kënnt: « La connaissance des réalités culturelles, historiques, géographiques et sociétales du Grand-Duché de Luxembourg, de la Grande Région et des principaux pays d'origine des élèves issus de l'immigration est traitée comme matière transversale dans les disciplines concernées. »

### **Ad 3)**

En extrae Cours iwwert d'Lëtzebuenger Kultur a Gesellschaft, deen iwwert déi am Punkt virdrun ernimmten transversal Kompetenzen erausgeet, kann elo schonns an de Lycéeën als Cours à option oder als fakultative Cours ugebuede ginn.

### **Ad 4)**

Et gëtt keen allgemengt didaktescht Material, mee et ass éischer geduecht, op Inhalter zeréckzegräifen, déi op elektroneschem Wee disponibel sinn an dofir och ëmmer aktuell sinn.

En éischte Schrëck an déi Richtung ass d'Propos vun engem allgemenge Kader fir esou e Cours, dee vun engem Kandidat als Ofschlossaarbecht vun sengem Stage als Formateur d'adultes ausgeschafft ginn ass.

A verschiddene Fächer, Geschicht, Geographie, Connaissance du Monde contemporain, Éducation civique et sociale, si spezifesch Schoulbicher ausgeschafft ginn. Zum Deel ass dat mat auslännesche Verlagshaiser geschitt, wou dann an engem Schoulbuch vun do extra Kapitelen iwwer Lëtzebuerg derbäi gesat gi sinn.

De Lëtzebuenger Literaturarchiv (Centre national de littérature-CNL) ass am Gaang, mat Hëllef vun Enseignanten, pädagogesch Dossierer zu den eenzelen Texter aus der Anthologie *Literaresch Welten* auszeschaffen. Dëst Joer sollen dräi Dossierer pédagogiques ausgeschafft ginn, zu den Erzielungen *Theater* vum Guy Helminger, *Kleines Schicksal* vum Joseph Funck an *Nepal* vum Georges Hausemer. Am Hierscht wäerten déi Dossierer pédagogiques virgestallt ginn an de CNL bitt och Formatiounen fir déi interesséiert Enseignanten un, esou datt iwwert dee Wee déi Texter, déi bis haut just als Lecture recommandéiert ginn, och an den Däitschcoursë kënne gelies ginn. Fir d'Joer 2017 plangt de CNL och déi éischt dräi Dossierer pédagogiques fir d'Texter a franséischer Sprooch. De CNL wäert op deem Wee viruschaffen an och Material iwwert d'Literatur an der Lëtzebuenger Sprooch schafen.

### **Ad 5)**

Zanter enger Partie Jore gi spezifesch Professere vun der Lëtzebuenger Sprooch forméiert an agestellt. Si hunn den „Master en langues, cultures et médias - Lëtzebuenger Studien“

vun der Universit  t L  tzebuerg gemaach an domat eng zolidd Ausbildung an der Sprooch an an der Literatur a Kultur, d  i am Stage duerch eng adapt  iert p  dagogesch Ausbildung complet  iert g  tt.

Virun allem op deene Klassen, wou Jonker, d  i aus dem Ausland kommen, opgefaange ginn, den „Classes d’insertion“, sinn et dacks Charg  -de-coursen oder Professere mat enger anerer Spezialit  it, d  i d’Coursen halen, fir L  tzebuergesch als Friemsprooch ze enseigner. Si kr  ien dofir eng Formation continue an hunn och en dofir speziell entw  ckelt p  dagogesch Material mam Numm „*Wat gelift?*“

D’Mataarbechter vum CNL stellen hiert W  ssen zur Verf  gung iwwert Formation continuen a mat p  dagogesch Dossieren, d  i am Gaange sinn, ausgeschafft ze ginn. Och aner Kulturinstituter maachen hir Diere g  ren op fir Ufroen vun Enseignanten.

#### **Ad 6)**

D’Uni L  tzebuerg, den INL an den Institut de formation de l’  ducation nationale (IFEN) hu verschidden Angeboten, d  i sech erg  nzen, souwuel wat d’Inhalter w  i och wat d’Dauer vun de Coursen ugeet. Enseignanten, d  i um FCLSK, dem ZLSK oder dem Cours L  tzebuergesch „Gesellschaft a Kultur“ deelhuefen, k  nnen bei hirem Inspekter oder Direkter froen, datt d  s Cours   fir d  i obligatoresch Formation continue k  nnen ugerechent ginn.

Den IFEN huet a sengem Programm vun der Formation continue zanter dem Joer 2008 Coursen, fir richteg L  tzebuergesch schreiwen ze l  ieren. D  s Cours   k  nnen och op Ufro a Schoulen oder Lyc  e  n organis  iert ginn. Se ginn am Duerchschnitt vun 30 Enseignant   pro Schouljoer besicht.

Am Joer 2015-2016 ass eng Virstellung vun den didaktesch ausgeriichten Themenhefter fir Grondschoul a Lyc  e „*De Littty*“ vum Museksdepartement vun der L  tzebuergesch Nationalbiblioth  k (Cedom – Centre d’  tudes et de documentation musicales) am Programm. Bei d  ser Formation ginn ausgewielten Aspekter vun der L  tzebuergesch Kultur opgeschafft an den Enseignant   m  i no bruecht.

#### **Ad 7)**

D’  ntwert dorop, wat op den   nneschte Klassen am Lyc  e geschitt, steet an den   ntwerten op d  i Froen virdrun.

Et ass kloer, datt een   mmer nach ka m  i maachen, mee et ass grad esou kloer, datt d’Opnamef  egkeet och bei dou  ierte Sch  ler hir Grenzen huet. E M  i an deem enge Fach heescht da manner an anere F  cher. Well de Sproochenunterricht souwiesou schonns de gr  ssten Deel vum Stonneplang beleet, heescht m  i L  tzebuergesch och manner D  itsch oder manner Frans  isch. Dat muss am Kader vun der Reform vum Secondaire mat alle Partner diskut  iert ginn.


Et ass awer och wichteg kloerzestellen, datt et net n  mme dr  m geet, fir iwwert d’L  tzebuergesch Kultur ze enseigner, mee och d’Sprooch selwer g  tt vu ganz ville vun

eise Schüler net méi automatesch esou maïtriséiert, wéi dat viru Joerzénkten nach de Fall war.

Mir froen am Cycle 1 vun der Grondschoul d'Kanner no hirer éischer Sprooch, d.h. där, déi doheem geschwat gëtt, wann d'ganz Famill zesummen ass, an déi nach laang net ëmmer d'Mammesprooch, also d'Sprooch vun der Mamm ass. Do stelle mir zanter Jore fest, datt just nach bei engem Drëttel vun de Kanner Lëtzebuergesch déi éischt Sprooch ass. Bei engem zweeten, knappen Drëttel ass et Portugisesch, bei gutt 10 Prozent Franséisch a bei nach eng Kéier 10 Prozent Serbokroatesch, Bosnesch oder Montenegrinesch. Bei de gutt 10 Prozent, déi bleiwen, geet et duerch d'ganz Welt.

A ville Grondschoulen ass d'Populatioun sou mann lëtzebuergesch, datt eis Sprooch net méi automatesch am Schoulhaff geléiert gëtt an et also wichteg ass, d'Erléieren dovun an der Schoul selwer ze suivéieren an ze ënnerstëtzen. Derbäi kënnt, datt eng ganz Partie Schüler eréischt am Laf vun hirer Schoulzäit an dacks eréischt am Secondaire op Lëtzebuerg kommen.

Den Enseignement vum Lëtzebuergesch als Friemsprooch ass an de leschte Joren ëmmer méi e Facteur ginn, op deem eis Lycéeën a virun allem d'Lycée techniquë musse méi a méi agoen.



Claude Meisch  
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche